PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Mobilitéit weiderzeleeden.

An de lëschte Woche konnt ee verstäerkt Militärfligeren am Landeuflug op de Findel gesinn. Déi Maschinne sinn awer net op den ëffentleche Radaren ze fannen, déi all Bierger consultéiere kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister erklären ëm wei eng Flich et sech gehandelt huet?
2. Wat gouf an de Militärmaschinnen transportéiert?
3. Wéi vill där Flich sinn am Abrëll an am Mee 2020 zu Lëtzebuerg ukomm a fortgeflunn?
4. Dir als Minister sot reegelméisseg et wär wichteg, fir ëmweltschounend souwéi méiglechst am geräischreduzéiert Fligeren um Findel landen ze loossen. Wéi ass hei d'Bilanz (CO2 a Kaméidi an Dezibel bei Start/Landung) vun esou Militärtransportfligeren?
5. Ënnerleien déi Maschinnen engem Nuetslandeverbuet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député